01-03/2021

DE PROGRAMM

Eng Matinée fir Kanner (5 - 9 Joër). Hir Elteren, Grousselteren ... si wëllkomm!
Zesumme loosse mir eiser Fantasie a Kreativitéit fräie Laf. Mir entdecke flott Geschichten, interessant Filmer, spannend Gesellschaftsspiller a villes méi.

Umeldung: Bis spéitstens 3 Deeg virdrun.
Gitt bei der Umeldung w.e.g. d'Cournummer an den Alter vum Kand un

Jee no der aktueller Covid-Situatioun, fënnt eis Matinée online statt. Informatioune fannt Dir dann op www.erwuessebildung.lu

16/01
Mäin Zëmmer an ech - Ech a mäin Zëmmer

Wou fillen ech mech wuel? Wat brauch ech, fir mech gebuergen ze fillen? Vläicht doheem. Vläicht an menger Kummer ...
Mir lauschteren e puer Geschichten iwwert „sech wuel an doheem ze fillen".
An dono bastele mir zesummen eppes Passendes.

Prais: gratis / Cournummer: 213530M

23/01
Dobaussen ass et kal an naass

Wann et dobausse kal gëtt, vläicht Schnéi läit, huet sech d'Natur zur Rou geluecht. D'Déiere sinn am Wanterschlof an alles ass méi roueg ginn ...
Mir lauschteren e puer Wantergeschichten a maachen eng Reess durch déi kal Joreszäit. Zum Schluss bastele mir nach eng Klengegkeet.

Prais: 15€ / Cournummer: 213540M

30/01
An der Spill(er)këscht

Mir paken eis Spill(er)këscht aus. Op verschiedene Spilldëscher kënne Kleng a Grouss nei a flott Gesellschaftsspiller ausprobéieren.

Prais: 15€ / Cournummer: 213550M

06/02
Hilfe, unser Lehrer ist ein Frosch

Wir schauen uns gemeinsam den niederländischen Film an. (*Filmdauer: 81 Min.*)
Anschließend erfahren wir in einem kleinen Filmgespräch etwas darüber, wie Filme gemacht werden.

Preis: 15€ / Kursnummer: 213560M

27/02
Wéi aus enger Iddi e Buch entsteet

Fir d'éischt kucke mir, wéi e Buch entsteet:
vun der Iddi bis dass dat fäerdegt Buch am Regal an enger Librairie steet.
Duerno däerf jidderee seng eege Geschicht erfannen an doraus e klengt Buch fabrizéieren.

Prais: 15€ / Cournummer: 213570M

06/03
Vun Hexen, Prinzessinnen, Zwergen & Wëllef - Eng Rees an d'Märchewelt

Mir lauschtere Geschichten, a bei klengen Aktivitéite kréie mir interessant Saachen aus der Welt vun de Märercher verroden.

Prais: 15€ / Cournummer: 213580M

20/03
D'Fréijoer ass nees do!

Mir lauschteren e puer flott Geschichten, déi eis iwwert de Wanter an d'Fréijoer erzielen an eis e puer Geheimnisser aus der Natur- an Déierewelt an dëser spannender Joreszäit verroden.
Zum Schluss bastele mir eppes Passendes zum Theema Fréijoer.

Prais: 15€ / Cournummer: 213590M

27/03
An der Spill(er)këscht II

Mir paken eis Spill(er)këscht aus. Op verschiedene Spilldëscher kënne Kleng a Grouss nei a flott Gesellschaftsspiller ausprobéieren.

Prais: 15€ / Cournummer: 213600M